n° 4065

Lëtzebuerg, den 13. Abrëll 2021

REÇU
Par Alff Christian , 10:27, 13/04/2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

*« Wéi déi franséisch Medie mellen, hätt de rezente Frascht quasi duerch ganz Frankräich de Bléien an de Wéngerten ellen zougesat. Änlech ass d'Situatioun bei den Uebstbeem, déi a verschiddene Géigende vun der franséischer Republik béis vun der Keelt getraff gi sinn.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:*

- *Wéi gesäit d'Situatioun de Moment op eiser Musel aus? Gëtt et do och Schued an de Wéngerten? Wa jo, konnt dee schonn estiméiert ginn? Gëtt et Ënnerscheeder jee no Zort a Lag? Ass et méiglech d'Auswierkungen op d'Récolte dëst Joer anzeschätzen?*

- *Krut den Här Minister och eventuell e Feedback vun eisen Uebst- a Geméisbaueren? Gëtt et och do Ënnerscheeder wat de Schued ugeet?*

- *Wéi vill Prozent vun eiser bewirtschafter Fläch maachen d'Wéngerten an d'Bongerten aus? Wéi vill Betriber liewen dovunner ? »*

Mat héiflecher Gréiss,

| André BAULER<br>Deputéiert/en | Gilles BAUM<br>Deputéiert/en | Carole HARTMANN<br>Deputéiert/en |
|---|---|---|

N° 4065
Reçue le 22.04.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530

Réf.: 264/21

**Monsieur Marc HANSEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Service Central de Législation**

**LUXEMBOURG**

Luxembourg, le 22 avril 2021

**Objet:** Question parlementaire n° 4065 des honorables Députés André Bauler, Gilles Baum et Carole Hartman

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, ma réponse à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Réponse du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural à la question parlementaire n° 4065 des honorables Députés André Bauler, Gilles Baum et Carole Hartman**

***Wéi gesäit d'Situatioun de Moment op eiser Musel aus? Gëtt et do och Schued an de Wéngerten? Wa jo, konnt dee schonn estiméiert ginn? Gëtt et Ënnerscheeder jee no Zort a Lag? Ass et méiglech d'Auswierkungen op d'Récolte dëst Joer anzeschätzen?***

Et ass Schued gemellt ginn an Drauwenzorten déi fréi ausdreiwen: Chardonnay, Muskat, Gewürztraminer. Net all Parzellen mat dëse Riefzorten sinn awer betraff.
Dës Zorten maachen 75 ha aus (vun 1.280 ha insgesamt). Bei den aneren Zorten kann et och zu liichtem Schued komm sinn.
Fir de Schued definitiv kënnen ze chiffréieren, muss den Ausdriw ofgeward ginn, d.h. fréistens Enn Abrëll.

***Krut den Här Minister och eventuell e Feedback vun eisen Uebst- a Geméisbaueren? Gëtt et och do Ënnerscheeder wat de Schued ugeet?***

Am Uebstbau ass och schonn aus verschiddenen intensiven Anlagen Schued gemellt ginn. D'Bléi an den Ufank vun der Fruchtbildung sinn hei déi sensibel Momenter. Dofir spillt d'Uebstart, d'Varietéit, mee och d'Lag vun der Uebstanlag eng wichteg Roll, an wéi weit et zu Schied kennt.
Aktuell si Kiischten- an Bierebeem, déi mat oppener Bléi getraff goufen, am meeschten betraff. Fir den genauen Impakt of ze gesinn ass et elo awer zum Deel nach ze fréi. Sécherlech gëtt et och bei aner Uebstarten, wéi den Äppel och Schued. De reellen Impakt ass awer zu dësem Zäitpunkt schwéier ze évaluéieren.
An dem Heichstammbongerten stinn oft Beem déi méi spéit bléien, an deemno elo net esou betraff wäerten sinn. No der ganz héijer Recolte vun 2020 wäert bei den Äppel de Phenomen vun der Alternanz den Ertrag dëst Joer méi drécken, wéi dee Frascht dee mir bis elo haten.

Am Geméisbau ass de Fraschtschued em dëss Zäit normalerweis keen esou grousse Problem. Déi Kulturen, déi elo schonn dobaussen am Feld stinn, kënnen hei zum Beispill och duerch Opleen vun Vlies geschützt ginn.

***Wéi vill Prozent vun eiser bewirtschafter Fläch maachen d'Wéngerten an d'Bongerten aus? Wéi vill Betriber liewen dovunner?***

Mir hunn 1.280 ha Wéngerten ob der Musel déi vun 141 haaptberuffleche Wënzer an 130 niieweberuffleche Wënzer bewirtschaftet ginn (Stand 13.4.2021).
Déi allermeeschte Wënzer hunn hier Wéngerten géint de Frascht verséchert an de Staat bezillt 65 % vun der Primme.

Intensiv Uebstanlagen (Niderstamm an sougenannte Beerenobst) stinn op ongeféier 100 ha. Dat wieren 0,08 % vun den ronn 132.000 ha, déi vun eisen Betriber bewirtschaft ginn. An dësem Beräich ginn et manner wéi 10 haaptberufflech Betriber.
Fir den Uebstbau gëtt et beim Käruebst, also Äppel a Bieren d'Méiglechkeet sech géingt Fraschtschued ze versécheren, wou den Landwirtschaftsministär dann och 65 % vun den Primmen iwwerhëllt.

---------------------------------------------------------------